N° 6579
Entrée le 29.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.07.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 474/2022
29 JUIL. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 29. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden.

An eisen Nopeschlänner, notamment a Frankräich, ass de Verkaf vu Planzeschutzmëttelen am leschte Joer fir d'éischt zanter Joren nees geklommen. Laut de Berichter an der landwirtschaftlecher Fachpress erkläert des Hausse sech virun allem duerch den Asaz vun Planzeschutzmëttelen, déi besonnesch an der Bio-Landwirtschaft an am Bio-Wäibau agesat ginn, wéi beispillsweis Koffer- a Schwiefelprodukter. An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung stellen:

- Wéi vill landwirtschaftlech Planzeschutzmëttelen sinn 2021 hei zu Lëtzebuerg insgesamt verkaf ginn, a wéi gesäit d'Entwécklung vun de Venten vun de leschte 5 Joer aus?
- Ginn Koffer- a Schwiefelprodukter, déi haaptsächlech an der Bio-Landwirtschaft zum Asaz kommen, an de Lëtzebuerger Statistiken zu den allgemengen Planzeschutzmëttelen derbäi gezielt?
    - Wann nee, wéi gesäit bei dëse Produkter d'Entwécklung an de leschte 5 Joer aus?
- D'European Food Safty Authority (EFSA) stuft den Afloss vum Koffer op Mënsch an Ëmwelt als héich riskant an. Analysen um Terrain hunn am Ausland doriwwer

eraus gewisen, dat den Asaz vu Koffer zu Kontaminatioune vum Buedem féiert.
Wat gedenkt d' Regierung ze maachen fir den Kofferasatz ze reduzéieren?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6579 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

- **Wéi vill landwirtschaftlech Planzeschutzmëttel sinn 2021 hei zu Lëtzebuerg insgesamt verkaf ginn, a wéi gesäit d'Entwécklung vun de Vente vun de leschte 5 Joer aus?**

  Statistiken zum Verkaf vu Planzeschutzmëttel gi vun EUROSTAT publizéiert. Méi detailléiert Statistiken dierfen aus Confidentialitéitsgrënn net publizéiert ginn. Detailer heizou stinn um Agrarportail : https://agriculture.public.lu/de/agrarstatistik/landwirtschaft-umwelt/vente-pp.html.
  Informatiounen zur verkaafte Quantitéit vu Wierkstoffer aus reng landwirtschaftleche Planzeschutzmëttel gi net erhuewen.

- **Gi Koffer- a Schwiefelprodukter, déi haaptsächlech an der Bio-Landwirtschaft zum Asaz kommen, an de lëtzebuerger Statistiken zu den allgemenge Planzeschutzmëttel derbäi gezielt?**

  Jo, déi verschidde Kofferverbindungen a Schwiefel ginn ewéi all anere Wierkstoff behandelt. D'Uwendungsgebidd gëtt heibäi net berécksiichtegt.

- **Wat gedenkt d'Regierung ze maache fir den Kofferasaz ze reduzéieren?**

  D'EU-Reglement 2018/1981 schreift vir, datt maximal 28 Kg Koffer pro Hektar bannent 7 Joer ausbruecht dierfe ginn. Dës Oplag gouf an déi national Sprëtzmëttelzouloossungen iwwerholl.

  Am Kader vun der aktueller Reform vun der GAP kënne Produzenten un engem Eco-Scheme deelhuelen, deen d'Benotze vu Planzeschutzmëttel mat Wierkstoffer mat bestëmmten, defavorabelen Eegenschaften ënnerbënnt. Dozou gehéieren och d'Planzeschutzmëttel mat de verschiddene Kofferwierkstoffer.

  Am Beräich vum biologesche Wäibau féieren den IVV zesumme mam LIST Versich duerch, mam Zil, d'Uwendung vu Kofferwierkstoffer ze reduzéieren.

Lëtzebuerg, den 20. September 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN